LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

Luxembourg, le

**Monsieur Fernand Etgen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
02 FEV. 2016

**Service Central de Législation**
**43, boulevard F.D. Roosevelt**
**L – 2450 Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune du Ministre du Développement durable et des Infrastructures et du Ministre de l'Économie aux questions parlementaires N°1627 et 1637 des 9 et 14 décembre 2015 de l'honorable député Monsieur Gast Gibéryen, concernant les drones, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre du Développement durable**
**et des Infrastructures**

Copie à M. le Ministre de l'Économie

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Gemeinsam Äntwert vum Här François BAUSCH, Minister vun der nohalteger Entwécklung an den Infrastrukturen an vum Här Etienne SCHNEIDER, Minister vun der Économie, op dei zwou parlamentaresch Ufroen N° 1627 an 1637 vum 9. a 14. Dezember 2015 vum Här Deputéierten Gast GIBERYEN**

Den honorabelen Deputeierten haett gär e puer Informatiounen iwert Dronen zu Letzebuerg, gestallt an sengen 2 parlamentaresch Froen di mir hei zesummen beäntweren.

1. D'Direction de l'Aviation Civile (DAC) huet hir Aarbechten esouwäit wéi méiglech ofgeschloss, trotzdem muss den Text an der Aarbechtsgrupp nach par rapport zu den neien europäeschen Richtlinnen di wäerten kommen an dem aktuelle Sécherheetsëmfeld adaptéiert ginn.

2. Generell dauert et gutt 18 bis 24 Méint, éier esou Reglementatiounsvirlagen vun der Kommissioun am Conseil an am Europaparlament sprochräif sinn.

3. De Schutz vun der Privatsphär, grad wéi den Dateschutz, spillen onofhängeg vun der Dronereglementatioun. D'Prioritéit läit op der Protectioun an der Sécherheet vun de Loftraumnotzer (bemannte Fligeren, Passagéier...) an der Populatioun um Buedem.

4. Déi ugeduechte Réglementatioun wäert déi Dronenaktivitéiten viseieren, déi haut schonns reegelméisseg am Kader vum „Travail aérien" autoriséiert ginn. Den Transport vu Passagéier oder Gidder mat onbemannte Fligere gehéiert nët dozou. D'Videosurveillance oder d'Photographie aérienne kënnen nëtzlech Aktivitéite sinn (z.B. Surveillance vun elektrësche Leitungen oder Gaslinnen, Vermoossen vun Terrainen; Wäermtprofiler vun Haiser, Bestandsopnahm vu Bëscher, Cartographie, Filmophahmen...).

5. Logistik ass ee vun de Pilieren vun der wirtschaftlecher Diversifikatiounsstrategie vun der Regierung mam Ziil Wuesstum an Arbéchtsplazen ze schafen. An dësem Kader gi fortwährend Reflexiounen gefouert, fir nei Kompetenz-Nichen am Logistikberäich ze entwéckelen, dëst virun allem a Synergie mat den aneren Secteuren, déi och als prioritär identifizéiert goufen (écotechnologies, healthtech, ITC,...). Sou verfollege mer och, ënnert aneren, déi Evolutiounen, déi duerch den Asaz vun Transportdronen an der Zukunft kënnen entstoen. Fir eisen Ecosystem vun Innovatioun an Entrepreneuriat ze verstäerken, ass et wichteg d'Creatioun vun innovative Start-ups an de verschiddene Secteuren ze ennerstëtzen, z.B duerch Infrastructuren, Finanzementsméiglechkeeten, Begleedung duerch Experten asw.

6. Et ass bis haut nach kee konkreten Projet un eis eru gedroen ginn, sief dat vun der Post oder vun engem anere Logistikzentrum, am Sënn fir sech op sou engem Marché séier ze positionnéieren.